

Lëtzebuerg, den 6. Abrëll 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„Wéi den Ëmweltministère an engem Communiqué vum 6. Abrëll matdeelt, ass déi franséisch Juegdprüfung ab dem 31. Mäerz net méi zu Lëtzebuerg, an der Belsch an an Holland unerkannt, soudass eng Persoun mat engem franséische Juegdschäin dësen net méi ouni Problem hei am Land homologéieren loosse kann. Déi franséisch Juegdprüfung géif net de selwechte Krittären wéi an de Benelux-Länner entsprechen, geet aus dem Communiqué ervir.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- Aus wéi enge konkrete Grënn entsprécht déi franséisch Juegdprüfung net méi de Standarden an de Benelux-Länner?*
- Gouf et rezent Ännerungen un den Ufuerderungen entweder bei der franséischer Prüfung oder bei der Prüfung an de Benelux-Länner?*
- Wéi laang ass déi Diskrepanz tëscht dem Standard bei der franséischer Prüfung an deem an de Benelux-Länner bekannt?*
- Firwat ass dës Decisioun eréischt elo geholl ginn?*
- Wéi een Impakt wäert dës Decisioun op d'Unzuel vun de Jeeër hei am Land hunn?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wéi vill franséisch Juegdschäiner sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer zu Lëtzebuerg homologéiert ginn?*
- *Wier et méiglech, dass Leit, déi déi franséisch Juegdprüfung gemaach hunn, hire Juegdschäin an engem anere Land homologéiere loossen an duerno dee Schäin zu Lëtzebuerg homologéiere loossen? Wa jo, wéi gedenkt d'Madamm Ministesch dëst z'evitéieren?“*

Mat déiwem Respekt,



Guy ARENDT
Deputéierten